

Discours de M. le Premier ministre, ministre d'État, Xavier Bettel
à l'occasion de
l'inauguration monument pour les victimes de la Shoah - 17 juin 2018

Monseigneur,

Här Chamberspresident,

Léif Membere vun der jüdescher Communautéit,

Léif Zeie vun der éischer Generatioun a Familljemember vun den Affer,

Monsieur Selinger,

Dir Dammen dir Hären,

Et ass laang hir an awer ganz rezent. Et ass net just e Passage an eise Geschichtsbicher, mee et ass fir vill Leit nach en Deel vun hirem Liewen. Fir Verschiddener, ass et en Deel vun enger ganz traureger an schwiereger Erfahrung. Fir vill Familljen, ass et eng déif Wonn, déi Generatiounen weiderhin mat sech droen. Fir eis Gesellschaft, ass et Geschicht, déi mir mussen opschaffen an Warnung zugläich, Barbarie, Intoleranz, Rassismus ni méi zouzeloossen.

Et fält mer ëmmer nees schwéier déi richtig Wieder ze fannen fir iwver den Holocaust ze schwätzen. Well et keng Wieder ginn. Well dees tragesch Sait vun eiser Geschicht onbeschreiblech ass. Well e Génocide sech ënner kengen Ëmstänn a Wieder zesammen faassen léisst.

Grad well et esou schwéier ass déi richtig Wieder ze fannen, mussen mir eis erënneren an dovunner schwätzen, dofir suergen dass esou Episoden definitiv der Vergaangenheet ugehéieren. Dofir huet mir als Regierung déi lescht Joren eng Rëtsch vun Initiativen geholl wat eisen Devoir de mémoire ugeet.

D 'Erënnerung ass eng Pflicht fir all Natioun. Et ass eng Pflicht sech un déi wichteg Momenter vu hiner Geschicht ze erënneren an dës Erënnerung un déi Generatiounen, déi d 'Glück haten a Fridden opzewuessen, weider ze ginn. Wichtig ass besonnesch iwver d 'Erënneren eraus déi nächst Generatiounen fir déi mënschlech an demokratesch Wäerter, fir de Fridden, de Respekt vun de Mënscherechter, fir d 'Fräiheet an d 'Gerechtegkeet sensibiliséiert ginn.

Et ass fir mech eng Pflicht eis Geschicht ze komplett opzeschaffen, an jo – et kann, et muss een aus der Geschicht léieren. Mir sollen a mussen eis erënneren, och wann et eis net ëmmer gefält.

No der Krichszäit sinn munch Statuten an Skulpturen opgeriicht ginn an eisen Stied, an an eisen Dierfer. Dës sollen eis drun erënneren, dass och eis Geschicht schwiereg Säiten hat.

Am Staatbild sinn Monumenter d 'Gedenken vun der Erënnerung vun enger Gesellschaft, vun enger Natioun. Si gehéieren zum kollektiven Selbstverständnis. Si weisen eis an eisen Visiteuren, wat eis wichteg ass.

Et ass fir mech dofir perséinlech eng grouss Satisfaktioun, dass dës Monument haut op dëser Platz steet. Et ass mir wichteg e Symbol fir d 'Leiden vun der Jüdescher Communautéit vun eisen Matbierger hei am Land ze hunn.

Dëst soll eis drun erënneren, dass och bei eis, Leit wéinst hirer Relioun verfollegt goufen an ëmbruecht ginn sinn. Si ware Geschäftsleit, Affekoten, Dokteren, Hausfraen, Handwierker, Kanner ... Sie waren Bierger vun eisem Land, grad ewéi mir an awer war hiert Schicksal e ganzt anert.

Monsieur Selinger est une des victimes de la Shoah, soumis à un destin effroyable qui a marqué son œuvre avec entre autres plus de 800 pièces en granit et en bois, dont le célèbre monument de Drancy, inauguré en 1976, et ses 48 sculptures monumentales exposées en plein air dans les lieux publics dont 5 mémoriaux consacré à la Shoah et à la Résistance.

Vos œuvres, Monsieur Selinger, représentent la souffrance, l'enfer des camps, le travail épuisant ou encore les sélections effectuées par les nazis.

Cette œuvre-ci ne fait pas exception à cette représentation. Pour moi, l'œuvre souligne également la dualité dans nos choix : nous pouvons détourner notre regard ou affronter la vérité telle qu'elle est.

Nous tous pouvons décider de regarder ou décider de ne pas voir. De dénoncer ou de nous taire.

C'est un choix parfois difficile, mais qui en dit long sur nous, nos valeurs et nos actions.

Je suis fier que finalement le Luxembourg ait le courage de marquer dans ton tissu urbain un monument dont le symbolique est aussi forte.

Dës Statue soll eis drun erënneren, dass mir an verschiddenen Situatiounen net fort kucken dierfen, mee dénoncéieren müssen.

D 'Extremiste proposéieren ëmmer déi falsch Léisungen. Dat beweist eis d 'Geschicht. Mir müssen dofir dogéint argumentéieren an eis bewosst géint de Nationalismus, d 'Exklusioun an géint all Extremismus wieren.

Dës Statue soll eis drun erënneren dass Fridden net en Acquis ass. Krich, Aarmut an Onsécherheet kann zu all Ament jidderee vun eis treffen. Mir sollen eis Fräiheet an de Fridden, an deem mir liewen däerfen, dofir all Dag op en neits schätzen.

Weiderhin soll eis dës Statue och drun erënneren dass Toleranz, Respekt a Solidaritéit Wäerter sinn fir déi mir opstoen an kämpfen müssen.

Dës Responsabilitéit gehéiert eis all.

Dës Monument beweist, dass Lëtzebuerg an d 'Lëtzebuerger hir Geschicht net wäerten vergiessen.

D 'Vergaangenheet änneren mer net. D 'Zukunft awer läit an eisen Hänn.